déi Initiativ hei géifen huelen an d'franséisch Regierung opgefuerdert, datselwecht ze maachen.

Merci.

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikele vum Projet de loi 4858 a mir stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 4 si gelies an ugeholl.

Domadder géinge mer dann direkt zur Ofstëmmung iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir d'Gesetz sinn, stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen.

De Projet de loi ass ugeholl mat 53 Jo-Stëmmen a 7 Abstentiounen.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes (par M. Fred Sunnen), Paul-Henri Meyers (par M. Ady Jung), Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par Mme Nelly Stein) et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu (par M. Marco Schroell), MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par M. Gusty Graas), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach (par M. John Schummer);

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Jos Scheuer), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Mars Di Bartolomeo), Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Marc Zanussi) et Marc Zanussi;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira (par M. Robert Garcia), Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Aloyse Bisdorff.

Se sont abstenus: MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Gast Gibéryen), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Jacques-Yves Henckes), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Jean-Pierre Koepp).

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Da kéime mer elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4862, eng Konventioun tëschent Lëtzebuerg a Mexiko iwwert d'Duebelbesteierung.

Et hu sech schonn ageschriwwen: déi Häre Krecké, Graas, Henckes, Bausch a Bisdorff.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Norbert Haupert.

5. Projet de loi 4862 portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et les Etats-Unis Mexicains tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune et du Protocole y relatif, signés à Luxembourg, le 7 février 2001

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Norbert Haupert *(CSV), rapporteur.-* Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, dëse Projet wäert méi séier iwwert d'Bühn goe wéi deen, deen ech haut de Mueren hei virgestallt hunn.

Déi Duebelbesteierungsabkomme mat Mexiko ass déi 43. Konventioun, déi mer bis elo haten, an et ass déi 7. oder 8., zënter dass ech d'Éier hunn, an dësem héijen Haus ze siégéieren. Dat ass ee Beweis, wéi séier datt d'Globalisatioun vun der Wirtschaft weidergaang ass an och e Beweis, wéi wichteg datt et ass, datt mer eis fläissen, fir mat deene Länner, wou mer Relatiounen hunn, Konventiounen, besonnesch wat d'Duebelbesteierung ubelaangt, ofzeschléissen.

Fir déi Konventioun hei mat Mexiko ze maachen, gëtt et a mengen Ae véier Ursaachen. Déi éischt ass déi, datt Mexiko e grousst Land ass an zënter '96 der Association de libre échange nord-américaine zougehéiert, wat am Fong geholl och eng grouss Wirtschaftsunioun ass, méi grouss wéi d'Europäesch Unioun. Datt Mexiko mat der OCDE een Ofkommen ofgeschloss huet, dat och mat der Union européenne en Traité de libre échange ofgeschloss huet. Ech mengen, wat och nach wichteg ass, dat ass, datt Mexiko zënter zwee Joer Lëtzebuerg op eng Lëscht – wat se nennen – de Pays à faible fiscalité gesat huet, net aus deenen Ursaachen, déi den Här Bisdorff de Mueren hei wollt ernimmen, mä einfach well se mat Lëtzebuerg nach keng Konventioun hunn, a si sinn awer bereet, Lëtzebuerg vun der Lëscht erofzehuelen, esoubal wéi mer déi Konventioun hei votéiert hunn, an dofir ass et, mengen ech, wichteg, datt mer deen Accord och haut stëmmen.

Déi Konventioun verleeft nom Modell vun der Convention modèle vun der OCDE. Ech ginn also net

méi op déi eenzel Punkte vun der Konventioun eran. Erlaabt mer just dräi kleng Divergenze vis-à-vis vun deenen anere Konventiounen, déi mer hunn, ervirzehiewen.

1. Fir d'éischt hu mer an enger Konventioun eng Autorité d'arbitrage virgesinn. Dat heescht, wa Schwieregkeeten tëschent deenen zwee Länner sinn, wat d'Besteierung ubelaangt, an déi zwee Länner sech net eens ginn , dann ass hei en Arbitrage virgesinn, fir déi Problemer aus der Welt ze schafen. Do mussen awer nach souwisou, wéi bei all Arbitrage, déi zwee Partner den Arbitrage unerkennen.

2. Zweet Divergenz, déi méi wichteg ass, dat ass, datt normalerweis an der Konventioun vun enger Duebelbesteierung ëmmer Zënsen an deem Land besteiert ginn, wou de Bénéficaire wunnt. An dëser Konventioun ass eng Divergenz andeem, datt d'Zënsen an deem Land besteiert ginn, wou den Débiteur ass, dat heescht déi Gesellschaft oder déi Bank, déi d'Zënsen ausbezilt. Lëtzebuerg huet awer drop gehalen, fir eng Ausnahm ze maachen, an déi Ausnahm ass déi, wann déi Zënsen an deem anere Land an e Fonds de pensions erafléissen, an ech mengen, dat ass wichteg fir eis Pensiounsfongen, wou mer de Muere jo och driwwer geschwat hunn. Da gi se net an de Pays d'origine, dat heescht da ginn déi Zënsen net a Mexiko besteiert.

3. Déi drëtt Divergenz ass déi, datt mer eis hei, contrairement zu deem, wat mer an deenen anere Konventiounen hunn, un d'OCDE-Konventioun ugeluegt hunn, wat d'Besteierung vun de Renten ass. Dir wësst, datt Lëtzebuerg ëmmer dorop hält, datt d'Renten, déi ausbezuelt ginn, an deem Land besteiert ginn, wou den Organisem säi Siège huet, deen d'Rente bezilt. Firwat? Well eben de Lëtzebuerger Stat e groussen Deel zu dem Finanzement zu de Rente bäileet. Hei ass et eng Kéier, datt Lëtzebuerg net op déi Divergenz gehalen huet. D'Rente ginn also an deem Land besteiert, wou de Bénéficiaire vun de Renten ass. Mir hu gemengt, dass mer mat Mexiko net ze vill Schwieregkeeten hätten, wat den Export vun de Rente géing ubelaangen, an dofir kéinte mer de Mexikaner an där Hinsicht entgéintkommen.

De Conseil d'Etat huet en Avis favorable zu dëser Konventioun ginn. Mir hunn dat an der Kommissioun diskutéiert an, ech mengen, mat Ausnahm vun engem Member vun der Kommissioun hu mer d'Unanimitéit gehat, fir den Accord zu dëser Konventioun ze ginn.

Ech géing och heimat den Accord vu menger Fraktioun bréngen.

Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als Éischten ass agedroen den Här Jos Scheuer. Den Här Scheuer huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Jos Scheuer *(LSAP).-* Jo. Här President, ech hunn d'Missioun kritt vu menger Fraktioun, fir Stellung ze huelen zu dësem Projet de loi.

Et ass mer eng Éier, fir lech matzedeelen, datt d'Sozialistesch Partei dee Projet stëmme wäert.

Merci.

Plusieurs voix.- Ah!

M. le Président.- Den nächsten ass den Här Gusty Graas.

(Interruptions)

M. Gusty Graas *(DP).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech profitéiere vun der Geleeënheet, fir dem Här Haupert mol merci ze soe fir seng gutt Aarbecht, déi en an dësem Dossier geleescht huet, an ech wëll och selbstverständlech, d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun zu deem Projet do bréngen.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Elo ass et um Här Jacques-Yves Henckes.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).-* Här President. Och vun onser Säit aus Félicitatiounen un de Rapporteur, den Här Haupert.

Mir si frou, datt mer enger weiderer internationaler Konventioun um steierleche Gebitt géint d'Duebelbesteierung kënnen haut zoustëmmen.

Ech géing just nëmmen der Regierung wënschen, oder hoffen, dass se och an Zukunft och dofir suergt, datt mer Vergläichstudien eng Kéier maachen, wéi déi eenzel Länner bei deenen Négociatiounen ofschneiden, an da kucken, fir eventuell a verschiddenen anere Gebitter vläicht nach besser Resultater erauszeschloen. Mä soss kënne mer awer mat der Konventioun esou d'accord sinn.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Bausch.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).-* Här President. Mir wollten dem Här Haupert merci soen, datt e sech ëmmer erëm breet schloe léisst, fir fir déi onsäglech Besteierungsprojeten do d'Rapporte mussen ze maachen. Et gëtt sécherlech Saachen an dësem Parlament, wou et méi dankbar ass, fir déi Aarbecht mussen ze maachen.

Mir hunn awer kee Problem, fir dat Gesetz hei ze stëmmen.

M. le Président.- Elo ass et um Här Bisdorff.

(Interruptions)

M. Aloyse Bisdorff *(déi Lénk).-* De schlechte Ruff vu Lëtzebuerg als Steierparadies ass och bis op Mexiko gedrongen. Et ass net esou, dass…

(Interruptions et hilarité)

Et ass net esou, wéi den Här Rapporteur elo gesot huet,…

(Interruptions)

…dass Lëtzebuerg op déi Lëscht vu Mexiko gesat ginn ass vun de Steierparadieser dowéinst, well mer nach keen Ofkommes mat en hätten iwwert d'Duebelbesteierung.

(Interruptions)

An dem Exposé des motifs liesen ech nämlech eppes ganz aneschters. Do steet Folgendes: "Dès 1992, le Gouvernement luxembourgeois prit l'initiative de demander au Mexique l'ouverture de pourparlers en vue de la conclusion d'une convention fiscale. Cette requête, réitérée maintes fois, se plaça dans une toute autre dimension, lorsque le Grand-Duché fut placé par le Congrès mexicain sur une liste de pays à faible fiscalité, et ceci avec toutes les conséquences désastreuses pour les investissements luxembourgeois au Mexique."

Et ass also net, dass mir op déi Lëscht komm sinn, well mer nach keen Duebelbesteierungsofkommes haten. Déi Diskussioune si scho vill éischter ugaangen. Et ass elo, wou d'Klacke gelaut hunn, d'Alarmklacken, well ebe Lëtzebuerg op déi Lëscht komm ass.

(Interruption)

Et sinn dann do schnell Verhandlunge gemaach ginn, fir dass mer erëm schnell vun där Lëscht do gestrach ginn, aus deem einfache Grond, well gefäert gëtt, och nach aner Länner géingen eis op déi Lëscht do stellen.

Bei dësem Vertrag ass den Artikel 29 dee wichtegste Punkt, well do Ausnahm gemaach gëtt, wéi dat och schonn an aneren Duebelbesteierungsofkommes ass, vun den Holdingen, vun den Investéierungsfongen an och vun den zukünftege Pensiounsfongen, an et gëtt wuel gehofft, dass mexikanesch Pensiounsfongen eventuell kënnen och op Lëtzebuerg kommen.

Dat wär schonn eng Ursaach, fir do dergéint ze stëmmen.

(Interruptions)

Well awer Mexiko grad esou PISA-geschiedegt ass wéi mir och, wëll ech aus Solidaritéit vun de PISA-Geschiedegten dofir stëmmen.

(Interruptions)

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Stats- a Finanzminister Jean-Claude Juncker.

(Interruptions)

Sou wäit ech gesinn ass d'Regierung d'accord?

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances.-* Här President, d'Regierung ass natierlech d'accord.

Ech wëll just dobäifügen, dass déi Tatsaach, dass mer op der mexikanescher schwaarzer Lëscht waren, wat keen Eenzelfall ass, et gëtt nach Länner, wou mer drop sinn, konnt doduerch behuewe ginn, dass et der Regierung gelongen ass, eis vun der schwaarzer Lëscht vun der OCDE a vum GAFI erofzehuelen, sou dass mer offiziell fir déi international Communautéit net méi als Steierparadies gëllen. Et wier gutt, wa mer eis och deementspriechend géifen opféieren.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss, a mir kommen zur Lecture vum Article unique vum Projet de loi 4862 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Mir stëmmen elo of iwwert dat virleiend Gesetz.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi dofir sinn, stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen.

De Projet de loi ass eestëmmeg ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes (par Mme Nelly Stein), Paul-Henri Meyers (par M. Marco Schank), Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Ady Jung) et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par Mme Simone Beissel), Mme Maggy Nagel (par M. Gusty Graas), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach (par M. Jeannot Belling);

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Jos Scheuer), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jeannot Krecké), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par Mme Mady Delvaux-Stehres) et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Gast Gibéryen), Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Jacques-Yves Henckes);

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Aloyse Bisdorff.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir wären domadder um Enn vun eiser Sitzung vun haut ukomm. Déi nächst Sitzung ass mar de Mueren um 9 Auer.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 17.58 heures)